



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 04/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht, Konsumenteschutz & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Textil- a Kleederbranche stellt eng héich globaliséiert a lukrativ Industrie duer, déi vill Länner mateneen verbënnt. D'Produktioun ass oft iwwert d'Kontinenter ewech organiséiert an d'Wuer mécht vill dausenden Kilometer, bis se bei eis an de Kleederbutteker ze kafen ass. Déi an der Branche aktiv Konzernner hunn dës international Opdeelung optimiséiert, andeems se a Niddreglounlänner vu bëlleger Aarbecht a manner strengen Ëmweltregelen profitéieren. D'Ëmweltbilanz vun der Moude-Industrie ass deemno miserabel. Esou stellt d'Textilindustrie dee Secteur duer, deem déi véiert héchsten Auswierkung op d'Klima an d'Ëmwelt huet. Eleng duerch "*Fast-Fashion*" sollen all Joers zu Lëtzebuerg 5,8 Milliounen Tonne Kleeder ewechgeheet ginn, wat ronn 11 Kilo pro Kapp duerstellt. Nëmmen 1% dovunner gëtt recycléiert.

Virun dësem Hannergrond komme verschidde Léisungsusätz op. Sou setzen Entrepreneuren ëmmer méi op "Sustainable Fashion" mat Hëllef vu Praktiken ewéi Locatiounssystemer fir Kleeder, dem "Up-Cycling" oder Second-Hand Butteker. Verschidde WëssenschaftlerInnen gesinn d'Léisung awer éischer an engem postmaterialistesche Wäertewandel, deem d'Opkommen vun alternative Kleederkonsumnormen propagéiert a grondsätzlech eng "consume less"-Mentalitéit virgesäit.

Och d'EU-Kommissioun ass sech dem Thema bewosst an envisagéiert d'Aféierung vun enger Réi Mesuren. Ënnert dem Kader vun der Sorgfaltsflicht soll zum Beispill d'Transparenz vun de Liwwerketten an der Produktioun an der Textil- a Kleederbranche mat engem "passport numérique" erhéicht ginn. Och um nationale Niveau gëtt probéiert, dës Problemer ze begéinen. Esou geséit dat néit Offallgesetz N°7659 eng collecte séparée fir Textil vir.

Deem entgéint investéieren d'Kleedermarken weider all Joers Milliounen Euro an Reklammen. Dagdeeglech maachen eng zéngdausenden un Influencer op de soziale Netzwerker Publicitéit fir de Konsum vu Kleeder. Dobäi ass de Message um Fong ëmmer



www.piraten.lu

dee gläichen: et ass een Opruff fir méi ze akafen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Tonne Kleeder ginn zu Lëtzebuerg all Joers:
 - recycléiert?
 - verbrannt?
 - aussortéiert an an d'Ausland exportéiert?
 2. Wéi vill Second-Hand-Butteker am Kleederberäich ginn et aktuell zu Lëtzebuerg?
 3. Wat fir Measure gesäit d'Regierung vir, fir de Kleederkonsum zu Lëtzebuerg méi nohalteg ze gestalten?
 4. Wéi steet d'Regierung zu engem Pfandsystem fir Kleedungsstécker, fir esou d'Kleeder an engem zouene Kreeslaf ze halen?
 5. Wéi eng Servicer vum Staat kréien Aarbechtskleeder zur Verfügung gestallt?
 - Wéi vill Leit kréien insgesamt doduerch Aarbechtskleeder zur Verfügung gestallt?
 - A wéi engem Ofstand ginn dës Aarbechtskleeder ersat?
 - Wat geschitt mat dëse Kleeder no hirem Gebrauch?
- Entsprangen all dës Aarbechtskleeder engem nohaltege Produktiounsprozess?
- Wa jo, em wéi eng Marken a Label handelt et sech?
 - Wann net, gedenkt d'Regierung an Zukunft Aarbechtskleeder aus nohaltege Produktiounsprozesser ze kafen oder op recycléiert Kleeder zeréckzegräifen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

